PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Aktualitéitsstonn zur COP27

Lëtzebuerg, den 22/11/2022

Resolutioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- de Paräisser Klimaaccord an den europäesche Green Deal ginn d'Marschrichtung vir, fir d'europäesch Wirtschaft bis 2050 klimaneutral ze gestalten;
- d'Regierung huet sech an deem Kontext mam PNEC een Instrument ginn, mat deem se d'Zäregasemissioune vum Land bis 2030 wëll reduzéieren;
- d'Institutioune vum Land musse mam gudde Beispill bei der Energiewend virgoen an hier Infrastrukturen, Gebaier, Prozeduren a Schaffweisen esou gestalten, dass och op dëse Plazen d'Klimaneutralitéit erreecht gëtt;
- d'Chamber huet als éischte Pouvoir vum Land eng besonnesch Verantwortung a sollt esou schnell wéi méiglech d'Klimaneutralitéit vun der gesamter Institutioun erreechen.

Aus dëse Grënn decidéiert d'Chamber vun den Deputéierten:

1. dass d'Chamber hire gesamten ekologesche Foussofdrock evaluéiert, sech déi néideg Mëttele gëtt a Methoden ausschafft, déi d'gesamt Institutioun an hir Aarbechtsweis bis 2030 klimaneutral maachen.
2. de Chambersbüro ze mandatéieren, eng konkret Propose auszeschaffen a se am Plenum zum Vott ze stellen.